N°1016
Entrée le 16.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.07.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Am Rapport vun 2022 erkläert den Ombudsman datt et Problemer ginn ass mat der Firma VFS Global. Dës huet Visae fir d'Lëtzebuerger Ambassade zu New Delhi an Indien ausgestallt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Zënter wéini ass VFS Global de Soustraitant fir d'Ambassade zu New Delhi?
2. Wéi vill huet d'Ambassade säit dem Ufank vum Kontrakt VFS Global all Joers fir hir Déngschter bezuelt (opgelëscht no Joer)?
3. Gouf et hei fir den Traitement vu Visasdemanden an Indien een Avis de marché? Wa jo, kann de Minister hei d'Konditioune virleeën, déi deemools gefrot ware fir den Zouschlag ze kréien? Hunn sech nach aner Firmen op dësen Avis gemellt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten